# Evénement 21 ans Streetwork Ville de Luxembourg
# 15 septembre 2022

Dir Dammen an dier Haeren
Den Christof Mann huet mech gefrot ech soll hei am Kader vun deenen 21 Joer Streetwork ee Reckbleck maachen an dobei ee puer Elementer ee bessen eraus hiewen

## *Histoire d'avant*

- Tom Schlechter CNDS
    - Camionnette 1980 début 90
    - Ciblait beaucoup la scène des drogués
    - De cela s'est développé l'Abrigado structure fixe d'abord CFL en 1999 puis en 2003 au lieu actuel
- Projet lutte contre la pauvreté 2 (1986 -1992)
    - Pendant 6 mois streetwork essentiellement à la Gare
    - Conclusions nous ont amenées à Maisons des jeunes dans quartiers
- Info-Prison a.s.b.l. fin années 90 sur le terrain de la gare pour garder le contact avec des ex-prisonniers

Et get eng Geschicht vierun deem waat mier haut hei an der Staat als Streetwork benennen, quasi eng **Préhistoire** dei een awer soll erwähnen

- Ann den achzecher an Ufank nonzecher Jaahren huet den Tom Schlechter vum CNDS mat sengem Projet Camionette den Kontakt haaptsechlech mat der Szene vun den Drogeierten obgeholl. Doraus ass dann duerno dei fest Struktur Abrigado entstaanen. Vier d'eischt war sie ob dem Terrain vun der CFL an dann ab 2003 ob der heiteger Plaaz an der Route de Thionville
- Dann Enn der achzeger Jahren hu mier als Inter-Actions am Kader vun engem Europäeschen Projet 2 Streetworker agestallt die och ob der Gare täteg waren. Sie sollten Jugendlecher motiveieren fier iewer den Atelier Schlaifmillen an aaner Aarbechts-Mesuren sech erem an d'Aarbechtswelt ze orienteiren. D'Reckmeldungen vun de Streetworker war dat Situatioun vun deenen Jugendlechen dei sie ob der Strooss gesinn hun, esou destruktureier war, datt et guer net meiglech wier un eng Stabilisatioun iewer d'Aarbecht ze denken. Mier hun dun décideiert et wier besser an verschiddenen Quartieren Jugendheiser ob zemachen an dann vun do aus Jugendlecher an Aarbechtsstrukturen ze guideieren. Esou senn d'Jugendhaiser am Paffendal, Clausen an Neiduerf entstaanen. Den Streetwork hu mier de Moment gestoppt.
- Och waar dann Enn der 90 Jaaren d'Associatioun Info-Prison ob der Gare aktiv an hun iewert Streetwork Kontakt mat Ex-Prisoneier gehaalen
- Am Ausland an verschiddenen groussen Stied ewei Marseille, Berlin, Manheim, Linz, Wien, gouf et schon Experiencen deenen hier Erkentnisser mier och notzen konnten.

## *Projet pilote 2001 - 2003*

- Rapport final a été présenté par la VL MiFa, CESIJE (Centre d'Etudes sur la situation des Jeunes / Charles Berg) le 17 mars 2004 « Streetwork - Jugendliche im städtischen Raum
- Caritas Accueil et Solidarité, Caritas Jeunes et Familles, Inter-Actions
- Comité de Pilotage : Marc Kayser, Nico Meisch, Charel Berg, Jean Schoos

- Travaux de recherche :
    - Interview Leitfäden
    - Engagement de collaborateurs
    - Définition des tâches
    - Recherche sur problématiques, lieux de contact, méthodes de contact,
- Nombreuses villes qui ont un SW
    - Marseille, Potsdam, Hildesheim, Mannheim, Linz, Vienne
    - Inspiration de Berlin Gangway

- D'Geschicht vun der heiteger Struktur Streetwork huet 2001 mat engem **Pilot Projet** ugefaangen ewou Staat Letzebuerg an de Familienministär den Ustous ginn hun. De Pilot Projet huet gudd 2 Jaar gedauert, vun 2001 bis 2003. Die wessenschaftlech Aarbecht gouf vun dem CESIJE (Centre d'Etudes sur la situation des Jeunes) an d'Aarbech um Terrain vun 3 Streetworker die bei deenen 3 Vereiner (Caritas Accueil et Solidarité, Caritas Jeunes et Familles, Inter-Actions) ugdockt waaren. Ee Comité de pilotage huet daat gesteiert. Staat Letzebuerg war do vertrueden duerch de(Marc Kayser), de Familienministär duerch de (Nico Meisch), den CESIJE duerch den (Charles Berg), d'Caritas durch den (Christof Mann) ann ech hun Inter-Actions do vertrueden. Et goung drem fier iewer Interviewen om Terrain, mais och mat Servicer an Schlesselpersounen mei genau ze defineieren, waat Problemer vun de Leit ob der Strooss senn, ewou sie sech obhaalen, ewou sie Probleemer maachen, wie een mat hinnen an Kontakt kennt. Dei Etude ass dann, och mat Ennerstetzun vum Schoose Jang vum Jongenheem finaliseiert gin an am März 2004 öffentlech viergestallt gin.
- Et muss een och soen datt et am Ausland an verschiddenen mei groussen Stiet schon Streetworker Projeten gouf die och hier Erfahrungen gemaach haaten, Marseille, Berlin, Mannheim, Linz, Wien

## *Projet concret 2003/04 – aujourd'hui*

- Stabilisation financière du projet
    - Postes définitifs accordés début 2003 provisoire puis 2004 définitif.
    - Agrandissement des équipes pour garantir la sécurité du personnel
    - Assurer un niveau de formation adapté
    - Subdivision grossière des terrains d'approche basée sur les maisons des jeunes en place, car une partie du travail était de repêcher les jeunes « perdus » par la maison des jeunes

- No dem Projet Pilot gung et dann drem ee festen Service ob d'Been ze kreien
- Die **finanziell** Stabilisatioun war een Aspekt: d'Enn vun 2003 gouf mat engem provisoreschen Budget iewerbreckt an dann ab 2004 mat engem definitiven Budget vun der Gemeng geschaft
- Die drei Associatiounen haaten dun 1 Streetworker. Zimmlech schnell war klaar dat dei Einmann Equipen missten verstärkt gin, enner aanerem och fier hier eegen Secherheet erobzesetzen. Et ass och seier klaar gin dat dei Streetworker ee gewessen Niveau vun professionneller Ausbildung missten hun
- D'Quartieren ewou d'Equipen aktiv waren goufen en fonctioun vun den bestehenden Jugendhaiser obgedeelt. Et sollt eng gudd Kollaboratioun mat den Jugendhaiser senn fier kennen Jugendlecher en charge ze huelen dei aus verschiddenen Grenn net mei an d'Jugendhaus koumen

- Stabilisation conceptuelle
    - Elaboration concepts des 3 gestionnaires ; plus Asti ; on s'est appuyé sur l'approche de Gangway en 2003

- Rahmenkonzept (2007-2009) Leistungen, Asti c'était jointe, tout le travail d'harmoniser les approches et de d'assurer la formation des éducateurs, Doelker, travail en réseau, bureau commun
- La discussion sur le port d'un uniforme et visibilité
- Rôle du bureau commun rue de Gaulois pour maintenir une cohérence

- D'Stabilisatioun huet och missen ob dem **konzeptionellen** Plang weider gedriewn gin. Die 3 Gestionnairen hun een Konzept ausgeschaft. Daat ass dann ab 2007 vun engem gemeinsamen Rahmenkonzept an Leeschtungsbeschreiwung mei harmoniseiert gin.
- Et gouf och gemeinsam Supervisioun an Formation continue en place gesaat an den Austausch vun den Equipen krut am Kader vun dem gemeinsaamen Buro an der rue des Gaulois mei eng regelmeisseg Nues.
- An dem Kader vun dem gemeinsaamen Buro senn dann konzeptuel Punkten durchdiskuteiert gin ewei
  - Sinn mer visibel dobaussen duerch eng Uniformeiert Kleedung oder net
  - Mussen mier der Police eppes matdeelen
  - Ass et besser fixe Tournéen ze maachen … usw
- Et muss en hei den wichtegen Role vun dem Service Jeunesse ennerstreichen. Iewer den gemeinsamen Büro, iewer Versammlungen mat den Gestionnairen an den Streetworker sinn gemeinsam Vuen erschaft gin. Ouni seng Suerg (Christof) fier eng koherent Aarbechtsweis hinze kreien wier den Streetwork net do ewou en haut ass.
- Entretemps waren och d'ASTI an d'Croix-Rouge als Traeger derbei komm.

- Affinage méthodologique
  - Les projets plus spécifique direction sport Streetsport, à partir de 2004 ; Streetsoccer-Tournoi, Georges Christen, mais aussi direction Open Space, Streethair, petits soins médicaux.
  - Aussi le streetwork a donné les incitatifs pour la création d'autres structures Premier Appel, Parachute, A vos Côtés, les shelters
  - Liens avec Wanteraktioun

- Ett hun sech dann an der Zeit och **methodologesch Elementer entweckelt** die versicht hun ob d'Froen ze aentwerten : wei kann ech mat verschiddenen Klienten mei einfach an Kontakt kommen ? wouduerch kann een sie stabiliseieren an eng minimal Regelmeissegkeet an de Kontakter obbauen ?
- Esou senn dann nidderschwelleg sportlech Ugebooter entstaanen ewei den Streetsport, den Streetsoccer Tournoi, den Atelier vum Georges Christen. Mais och Offeren ob aaneren Bereicher, de Coiffeur Streethair, den Open Space, d'Hellef bei klengen medezinischen Boboen, den Accès un Gratis-Breller mat der Collaboratioun vun verschiddenen Optiker … usw
- Vum Streetwork senn an deenen leschten Jaaren dann och eng Rei Impulser ausgaangen dei zur Creatioun vun ee Puer neien Servicer beigedroen hun : den Parachute, den Premier Appel, zwee Shelteren, den Service A vos Côtés
- Och eng enck Zesummenarbecht zweschen Streetwork an der Wanteraktioun huet an deenen leschten Jaaren gehollef fier pragmatesch Leisungen fier d'Clienten ze fannen.

- Travail en réseau
  - Contacts avec tous les services sociaux en relation avec le public
  - Clarification avec la police sur les limites du streetwork
  - Contacts avec les commerçants

- Echange régulier des professionnels du terrain organisé par le Premier Appel

- Wien Streetwork seet, deen seet och **Vernetzung**. Natierlech ass och ab 2003 un der Vernetzung geschaaft gin. Den Streetwork huet Kontakter obgebaut zu saemtlechen Servicer dei fier eisen Public eng Leisung ubidden kennen. D'Polizei huet entretemps verstaanen waat den Role vum Streetwork ass, ann waat en neet ass. Ann villen Quartieren ass ee gudden Kontakt mat den Geschäftsleit obgebaut gin.

- On a appris pendant le temps >> quoi ?
  - Que le terrain change rapidement
  - Effet préventif du streetwork
  - Garder la confiance du client
  - Que la qualité du travail dépend beaucoup du professionalisme et de la stabilité des éducateurs en place, il faut une certaine assurance en soi pour approcher correctement les clients.
  - Avoir une collaboratrice féminine
  - L'importance d'être dans la rue 2/3 plutôt que dans le bureau

- D'Fro un mech hei war och : Waat hun mier an daer Zeit un wichtegen Elementer geleiert ? Aus menger Siecht ee Puer Punkten : geleiert hun mier
  - Datt d'Realiteit um Terrain ganz seier kann changeieren an mier um Ball mussen bleiwen
  - Datt d'Confiance vum Client deen wichtegsten Atout vum Streetwork ass an mier deen net verleieren daerfen
  - Datt den Streetworker muss ob der Stooss senn, an mier hien net daerfen mat Administratioun zoukippen well dann setzt en am Büro
  - Datt et wichteg ass an den Equipen ob d'mannst eng weiblech Matarbechterin ze hun
  - Datt d'Qualiteit vum Streetwork vun der Professionaliteit an der Stabiliteit, och an der Zeit, vum eenzelnen Erzeiher ofhaengt. Waat d'Equipe manner changeiert waat d'Approche vum Client besser ass.

## *Perspectives et idées*

- Classification des points de marginalisation (2004) à développer pour quantifier
- Besoin de logement spécifique plus rapidement disponible, histoire des hauts et des bas

- Zou gudder letsch, an do madder kommen ech dann och ob en Enn, nach zwou Iewerleungen fier Zukunft
  - Ech mengen et wier gudd wann den Streetwork seng Erfollecher mat den Clienten keint besser duerstellen. Et sollt een dei eenzel Erfollgesschretter classifizeieren an quantitatif erfaasen. Fier datt mer Zuelen hun an die gudd Aarbecht och weisen kennen. Trotz Protection des Données ass daat meiglech.
  - Zweet Iewerleeung. All Streetworker kennt d'Situatioun wou hien iwert Meint mat dem Client geschafft hun, ann dann kennt ee Moment wou de Client berreed ass eppes ze aenneren a Richtung ewech vun der Stroos. Do missten mier dann mei Meiglechkeeten hun fier direkt eng een Logement unzebidden. Wann mier daat nett hun, wann mier soen mussen Wartelescht, oder komm muer erem, dann ass den Klient vun der Stroos

muer erem ob Null erofgeretscht.  Mier brauchen mei Wunnmeiglechkeeten och wann se vun ganz einfacher Natur senn.

Ech soen ech merci fier aer Obmierksamkeet